



tiques“ vun der Inklusioun, well dat jo awer nach ëmmer ee vun eisen Hauptziler ass. A mir wëssen, datt mer nach ëmmer op Widderstänn op eenzelne Plazen do stoussen. An dann hëlleft et ze weisen, wat et schonn alles Guddes gëtt. Dann hëlleft et ze weisen, datt ee mat ganz ville Moyenen dann awer och ganz viles kann erreechen.

An eeben och d'Iddi vun der Inklusioun, datt mer déi weider bei d'Schüler bréngen, bei all Intervenant bréngen, fir datt mer lues a lues awer och do ronderëm e Konsens kréien, datt mer eis alleguerten an der Gesellschaft, an dat ganz besonnesch eeben och all Acteur vun der Schoul, fir eng gesond an eng gelongen Inklusioun vun all de Kanner, mat all hire ganz ënnerschiddleche Besoinen, mussen asetzen an dat all Dag.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn déi Motioun elo nach net gelies, mee wann et dat ass, wat d'Madamm Hansen hei exposéiert huet, dann, denken ech, kann ech domadder elo, à ce stade, net d'accord sinn. Well éischstens emol, dat, wat gefuerdert gëtt, hu mer an enger gewëssener Form. A wa mer hei soen: „Mir maache gären eng Evaluatioun vun deem ...“

**(Le texte de la motion est remis à M. Claude Meisch.)**

Villmools merci!

„Mir maache gären eng Evaluatioun vun deem ganze System, fir duerno ze kucken, wéi mer solle weiderfuere“, da solle mer och déi Evaluatioun ofwaarden an dann och zesumme kucken, wou mer nach eemol mussen eng Schëpp bäileen. Ech si fest dovun iwwerzeegt, datt dat op méi wéi enger Plaz wäert sinn, well Inklusiounspolitik ze maachen, dat heescht, permanent weider Efforten ze maachen a permanent ze kucken, wou mer eis nach selwer kënne verbesseren.

Villmools merci!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Meisch.

## 15.7599 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

Ech géif proposéieren, datt mer elo de Projet de loi 7599 huelen an datt mer duerno iwwert d'Motioun ofstëmmen. Da géif ech direkt dem Rapporteur vun deemem Projet de loi, dem honorabelen Här André Bauler, d'Wuert ginn. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer direkt am Ufank, lech de Kontext vun deemem Gesetzesprojet unhand vun zwee Beispiller ze illustréieren.

Huele mer einfach zwee Lëtzeburger Studenten, d'Martine an de Gilles.

**(Exclamations)**

D'Martine studéiert Biologie op der Uni zu München an ass am leschte Semester vu sengem Masterprogramm ageschriwwen. Normalerweis hätt d'Martine dëst Semester säin obligatoresche Stage de fin d'études an engem renommierte Münchener Laboratoire gemaach. Déi fläisseg Studentin hat sech richteg drop gefreet, fir am September endlech hire Masterdiplom ze kréien an dem Studenteliewen domat een Enn ze setzen. Den Ausbruch vum Coronavirus huet seng Pläng allerdéngs op d'Kopp gehäit. Et huet knapps dräi Wochen als Stagiaire geschafft, bis et op eemol geheescht huet, et misst dohem bliwen. De Laboratoire huet seng Dieren zougemaach an dem Martine säi Kontrakt gouf souguer annulléiert. Schlussendlech ass him näischt anescht iwwregbliwwen, wéi säi Stage, an domat och säin Ofschloss, ëm e ganz Semester ze verréckelen.

Änlech ass et dem Gilles ergaangen. Hien ass Geschichtsstudent op der Uni Lëtzebuerg a sollt dëst Semester seng Masterthees schreiwen. Just wéi hie mat senger Recherche wollt ufänken, hunn d'Lëtzeburger Bibliothéiken an Archiven hir Dieren zougemaach. Dëst huet dem Gilles seng Aarbecht extreem erschwéiert. Fir seng literaresch Recherche ass hien nämlech deelweis op historesch an, jo, literaresch Quellen ugewisen, déi net am Onlineformat disponibel, verfügbar sinn. De Coronavirus huet also och dem Gilles e Stréch duerch d'Rechnung

gemaach a fir eng ongewollt Verlängerung vu sengen Etüde gesuergt.

Fir béid Studenten huet dës Verlängerung grouss Konsequenzen! Engersäits gëtt hir Entrée an d'Beruffsliewen ëm en halleft Joer verréckelt, anerersäits kascht dat zousätzlecht Semester eng gutt Staang Geld. Béid Studente mussen e weidert Semester hir Aschreiwungskäschte bezuelen, a fir d'Martine kommen nach sechs Méint Loyer zu München derbäi.

Bis ewell hu béid Studenten all Semester hir Bourse an hire Prêt beim CEDIES ugefrot. Ouni dës finanziell Hëllef hätte si sech hire Studium net kënne leeschten. Allerdéngs stelle si sech elo d'Fro, ob si och fir dat zousätzlecht Semester finanziell ënnerstëtzt ginn. Falls net, kéinte si an eescht Schwierigkeete geroden. Hir komplett Studie kéinten eigentlech um Spill stoen.

Léif alleguer, mam Ausbroch vum Coronavirus hunn d'Unie quasi weltwäit hir Diere missen zoumaachen. Vun engem Dag op deen anere goufen all Virliesungen annulléiert a sämtlech Universitätsgebaier waren zou, dorënner och d'Bibliothéiken an d'Laboratoire. De Presenzunterricht gouf, do, wou et méiglech war, duerch den Enseignement à distance ersat an och Exame konnte just nach online geschriwwen ginn. D'praktesch Aarbechten an d'Stage goufen entweder annulléiert oder op spéider verluecht.

D'Majoritéit vun den Universitëten huet grouss Ustrengunge gemaach, fir d'Organisatioun an d'Evaluatioun vun hire Programmer a kuerzer Zäit unzepassen. Trotzdeem riskéiere vill Studenten, ënnert de psychologeschen Effeten an den alldeegleche Barrière vun der Kris ze leiden. Besonnesch déi Jonk, déi am Ausland studéieren, hu mat groussen administrativen an organisatoreschen Hürden ze kämpfen. Ech denken do zum Beispill un d'Zoumaache vun de Grenzen, un d'Reesverbueten an un d'Ausfall vun de Volle mam Fliger. Duerch d'Konsequenze vun der sanitärer Kris konnt d'Sommersemester 2019/2020 a ville Fäll net wéi geplangt ofgeschloss ginn. Verschidde Studenten hunn elo keen anere Choix, wéi hir Etüden ëm e weidert Semester am Hierscht ze verlängeren.

D'Regierung huet eis gesot, datt si sech bewosst ass, datt vill Studenten Angscht ëm hir akadeemesch Zukunft hunn. Eng Verlängerung vun de Studie bréngt ëmmer zousätzlech Käschte mat sech, sief dat fir d'Aschreiwung op der Uni oder fir de Loyer. Besonnesch fir Famillje mat niddregem Akomes stellt d'Finanzéierung vun engem zousätzleche Semester e grouse Problem duer. D'Regierung wollt a wëllt verhënnern, datt déi Studenten, déi am Sommersemester 2019/2020 op enger Uni ageschriwwen waren, duerch d'Suite vun der Coronakris benodeelegt ginn. Si sollen déi selwecht Chance op e gudden Ofschluss hu wéi all déi aner Joergäng. Fir de betreffende Studenten ënnert d'Äerm ze gräifen, accordéiert den Héichschoulministère eng zäitlech Verlängerung vun hirer Studiebahëllef.

Dëse Projet de loi proposéiert zwou Derogatiounen zum Gesetz iwwert d'Aide financière vum Lëtzeburger Staat. D'Zil vun diesen zäitweiligen Ännerungen ass et, fir d'Chancgläichheet vun eise Studenten ze garantéieren.

Déi éischt Derogatioun betrëfft déi maximal Dauer, während där e Student/eng Studentin seng/hir Bourse a Prêt beim CEDIES kann ufroen. Dës Dauer soll fir all Persoun, déi während dem Sommersemester 2019/2020 op enger Universiteit oder Héichschoul ageschriwwen war, ëm ee Semester verlängert ginn.

Konkreet bedeit dat Folgendes: Am Fall, wou ee Student/eng Studentin seng/hir Etüden net an där Zäit packt, déi offiziell fir de Parcours virgesinn ass, dierf hien/si während dräi zousätzleche Semester vun der Aide financière profitéieren. Bis ewell war dës zousätzlech Dauer op nëmmen zwee Semester beschränkt. Déi maximal Dauer fir d'Attributioun vun der Studiebahëllef gëtt also vun aacht op néng Semesteren eropgesat.

Déi zweet Derogatioun betrëfft d'Kontroll vun Leeschtungsfortschreitt vun de Bachelorstudenten. Dem Gesetz no kann de Ministère eng Demande fir d'Studiebahëllef verweigern, wann e Student bestëmmt Leeschtungskritären net erfëllt. Nom zweete Joer gëtt dofir kontrolléiert, ob de Student genuch ECTS-Punkte gesammelt huet, fir och am drëtten Joer eng finanziell Ënnerstëtzung kënnen ze kréien.

Am Kader vun der Coronakris goufen allerdéngs eng Rëtsch Studenten an hirem normale Fortschreitt gehënnert. Dofir proposéiert dëse Gesetzesprojet, d'Kontroll vun Leeschtungsfortschreitt ëm ee Joer no hannen ze verréckelen. D'Kontroll géif dann érischt nom drëtten Joer gemaach ginn. An deem Fall géif da gekuckt ginn, ob de Student/d'Studentin fir säin/hiert véiert Joer, also fir d'Verlängerung vu sengem/hirem Bachelorstudium eng zousätzlech Studiebahëllef beim CEDIES kéint ufroen.

Am Ufank hunn ech lech d'Situatioun vun Martine a vum Gilles erkläert. Dës jonk Lëtzeburger sinn nëmmen zwee vu ville Studenten, déi mat de Follge vun der sanitärer Kris ze kämpfen hunn. Déi zousätzlech Käschten, déi dat nächst Semester op si wäerte duerkommen, kéinte spierbar Konsequenzen hunn. Ouni d'Hëllef vum Staat kéinten hir gesamt Etüden eventuell um Spill stoen.

Ech wëll op dëser Plaz nach eemol betounen, wéi wichteg et ass, fir de Studenten an dës schwierigen Zäiten ënnert d'Äerm ze gräifen. Den akadeemesche Parcours vun eise jonke Matbieger dierf net ënnert de Follge vun der Viruskris oder der Coronapandemie leiden. Dat gesot, soen ech lech all Merci fir Är Opmierksamkeit an déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun, déi och vum President Gilles Baum mat vill Kompetenz geleet gëtt, a vill Gedold och munchmol.

E spezielle Merci un d'Joëlle Merges aus der Educationskommissioun an d'Lynn Strasser aus eiser Fraktioun. Am Numm vun der DP-Fraktioun begrëssen ech dann och d'Efforte vun der Regierung an deem Kontext, besonnesch dem Héichschoulministère. An ech ginn dann och schonn den Accord vun eiser Fraktioun, déi sech och weiderhi fir d'Chancgläichheet vun eise Studenten asetzt. Mir loosse keen am Ree stoen. Merci!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Rapporteur André Bauler. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Octavie Modert agedroen. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Merci, Här President, fir d'Wuert, an dem Rapporteur fir säi flotten, biddleche Rapport. En huet eis mëndlech hei ganz plastesch duergestallt, wourëm et am Fong geholl geet an deemem Gesetz. E Gesetz, zu deem, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'CSV hir Zoustëmmung wäert ginn.

Wéineg Mënschen a kaum eng Beruffsgroupp kommen ouni Aboussen duerch d'Coronakris, déi sech bal vun enger sanitärer Kris an eng wirtschaftlech Kris ëmgewandelt huet. An dat wäert och nach laang undauern.

Déi Kris treëft natierlech och d'Studenten, an zwar op zwee Pläng. Als Éischt, wann d'Studenten dëst momentant Summersemester net ofschléisse kënnen, well Coursen an Examen ausgefall waren, esou si se natierlech do an hirem akadeemesche Parcours net gutt drun. An dofir kann elo mat deemem Gesetz en zousätzlecht Semester u Studentebähëllef vum nächste Semester un, falls et gebraucht gëtt, vun hinnen an Usproch geholl ginn.

Kuerz Klammer op: D'Uni.lu, déi huet no alle Méiglechkeete probéiert, déi ganz Zäit hei ze iwwerbrécken, mat Coursen op Distanz, mat Stagen, TDen, Examen, wou den Datum no hanne geréckelt ginn ass. An dat schéngt och zimmlech gutt ze funktionéieren a funktionéiert ze hunn. Trotzdeem bliwen ëmmer Fäll, wou et ka sinn - et ka jo och am Ausland de Fall sinn, well wann de Student dann am Ausland ass, ass et e bësse méi schwéier heiansdo, fir et och nach genausou an deenen Normen hinze kréien. Klammer zou.

Et gëtt awer nach eng zweet Kategorie vu Studenten, déi dës Krisis treëft. An un déi ass net geduecht ginn an deemem Gesetz. Dat sinn déi, déi finanziell méi schlecht dru sinn. Fir si geet eng spéider Verlängerung vun der Lafzäit net duer. Si hunn elo de Problem! Elo, wa si hire Studentenjob duerch Coronaaschränkungen net maache konnten, dann hu se keng Suen. Oder wann hir Elteren an der Kuerzaarbecht waren. Oder wann hir Elteren hire Betrib vläicht hu missen opginn. Grad déi mannebemëttelt Studente ginn also duerch d'Coronakris domadder duebel beträff. An dat ass scho bal eng Diskriminéierung, well finanziell Suere sollten net verhënnern, datt si hire Studium viruféiere kënnen, datt hiren akadeemesche Parcours net ka bis hannenhinner gaange ginn an datt domadder och dem Land e Stéck vun neiem Knowhow, dee si an der Zukunft mat géife bréngen, feelt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir mussen also oppassen, datt mir kee Problem beim Droit à l'éducation, beim Zougang zu Héichschoulstudie kréien. Natierlech gesäit d'Gesetz haut scho Méiglechkeete vir. D'Méiglechkeet fir d'Majoratioun vun der Aide financière, wann eng ganz schëllem Situatioun an aussergewöhnlech Chargen do sinn; 500 Euro Prêt a 500 Euro Subsid kann een dann eemol am Joer zousätzlech kréien. Dat huet och de Ministère oder de CEDIES gläich op Facebook bekannt gemaach, datt dat de Studente soll huerteg bekannt ginn. Dat ass och ganz gutt. Et gëtt och nach eng aner Méiglechkeet: Studenten, déi eng Bourse sociale kënne kréien, an dat eemol am Semester.

Mee wat ass dann, wa se déi do Saache souwisou schonn hu missen an Usproch huelen, ouni den Impakt vun der Coronakris? Wat ass mat de Studenten aus Drëttlänner, déi op der Universiteit vu Lëtzebuerg studéieren, déi keng Bourse kënne kréien? Wéi ass et do gaang mam Hardship Fund vun der Uni? Kënn Dir eis do, Här Minister ... Et wär gutt, wann Dir eis do géift kënnen Zuele ginn. Wann Der géift nolauschten, kéint Der eis se sécher och ginn, well da kënne mer dat besser aschätzen. Well ech mengen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech menge wierklech, mir mussen hei op eppes ganz gutt Uecht dinn: datt déi Defavoriséiert net nach méi defavoriséiert ginn. Well Corona mécht Ongläichheeten nach méi grouss. A wa mer kee wëllen am Ree stoe loosse, wéi de Rapporteur André Bauler gesot huet, da mussen mer hei ganz gutt oppassen a mer mussen eventuell hei och aktiv ginn.

An esou richteg wéi dëse Gesetzesprojet och ass, dee mir ënnerstëtzen, dee geet awer fir déi Situatiounen net duer. Et muss een also d'Situatioun am A behalen. Et mussen Konklusiounen aus der aktueller Situatioun gezu ginn. An do ass vläicht d'Covidkris d'Geleeënheet, fir iwwert déi Punkte vum Gesetz nach eng Kéier nozedenken. Geet am Härtefall d'Majoratioun duer oder muss se vläicht pro Semester ausbezuelt kënne ginn? Muss d'Bourse fir sozial Kritäre vläicht geännert ginn? An esou weider.

An et ass ënnert dëse Konditiounen, wou mir eis Zoustëmmung als CSV zu deemem Gesetz kënne ginn, mat der Maassgab, datt et wichteg ass, weiderhin ze kucken, datt Corona déi Ongläichheeten, déi bestinn an déi duerch Corona souwisou ervirgeruff gi sinn, net nach méi grouss mécht.

Merci!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Modert. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Tess Burton.

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Merci, Här President. Ech maachen dat hei vun der Plaz aus, well dem Rapport, deen den Här Bauler grad gemaach huet, deem ass eigentlech näischt méi bäizefügen. Dee war ganz ausféierlech an och ganz ..., dat huet och jiddweree verstanen, mat deene Beispiller, déi e ginn huet, wéi mer dat vum Här Bauler gewinnt sinn.

Ech mengen, et geet hei drëm, dass mer déi Delaie verlängeren, dass all d'Studenten déi selwecht Chance hunn, hir Studien och kënne fäerdeg ze maachen, dass se kënnen déi Aide ufroen. An dat ass eng ganz wichteg Saach, déi mer hei maachen. An dofir kann ech nëmmen den Accord gi vu menger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Burton. An ech ginn d'Wuert direkt virun un déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (dél gréng).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat deem Projet vun haut modifizéiere mer d'Gesetz vum 24. Juli 2014 zu de finanziellen Hëllef fir Studenten.

Wann een am parlamentareschen Dossier vun deemools noliest, da fält engem eng kuerz Formulierung an d'A. Et steet nämlech zu dem System vun Hëlfe drun, dass, Zitat: « ... il respecte la situation socio-économique de l'environnement dans lequel vit l'étudiant ». Och wann deemools eppes komplett anescht mat där Formulierung gemengt war, kënn een dach iergendwéi haut net komplett derlaanscht fir ze bemerken, dass de Projet vun haut den Usproch vum Gesetz vun 2014 a Coronazäite soll sécherstellen.

E formale Bildungssofschloss, a besonnesch en Héichschoulofschloss ass an enger sech rapid ännerender Aarbechtswelt net deen eenzeg, awer nach ëmmer ee ganz klasseschen Zougangsweg zu gutt bezuelten, erfëllenden an zukunftssecherende Beruffer. Wa mir also an dësen Deeg queesch duerch de politesche Spektrum vu „Resilienz“ schwätzen, da solle mir net vergiessen, dass Bildung, an domat de Projet vun haut, en zentrale Resilienzfacteur vun eiser Economie sinn.

De Rapporteur André Bauler huet a sengem exzellenten an héchst pedagogesche Rapport schonn d'Detailer vun dem Projet de loi erkläert, dofir brauch ech dat hei net ze widderhuelen.

Erlaabt mer awer, fir ee Punkt erauszepicken. Eis Fraktioun begrësst et ausdrécklech, dass op Urode vum Staatsrot d'Gläichbehandlung vu Studente mat sengem zertifizierten Handicap séchergestallt gouf a se elo genausou automatesch vun de Mesur vum Projet de loi kënne profitéieren ewéi hir Kommilitonen. Bildung ass zentral, fir en inklusiven Aarbechtsmarché ze erméiglechen. An dofir dierfe mer hinne keng extra Steng an de Wee leeën.





Mir hunn et net méi spéit wéi virgëschter op dëser Plaz am Kader vum honorabelen Här Paul Galle senger Fro zum Jugendchômage schonn däitlech héieren: Déi Jonk gehéieren zu deene soziale Gruppen, déi d'Auswierkunge vun der aktueller Konjunkturkris besonnesch akut spieren. Déi, déi schaffe ginn, hunn oft nëmmen e CDD a sinn domat déi Éischt, déi hir Plaz verléieren. Déi, déi studéiere ginn, ëm déi et haut hei geet, hunn oft hir Studentenjobs verluer, déi jo klasscherweis am Horeca oder am Evenementiel sinn.

Et geet drëms ze verhënneren, dass Studenten aus finanzielle Grënn, déi sech komplett hirer Kontroll entzéien, hire Studium net kënne fäerdeg maachen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass gutt a wichteg, dass mir dat Thema uginne an dat och virun e puer Deeg schonn emol gemaach hunn, mee et stëmmt awer och, dass de Projet vun haut a méi wéi enger Hisiicht de Revers vun der Medail vun deem statistesch ganz héije Jugendchômagetaux vu Lëtzebuerg duerstellt. Wéi de Statec an enger Nott schonn 2013 festgestallt huet, läit déi laangfristeg Hausse säit méi wéi zwee Joerzéngegen zu engem groussen Deel och dorunner, dass ëmmer méi Jonker studéiere ginn an domat d'Proportioun vun der Population active an hirer Altersgrupp erofgeet.

Wann deen Effet zu Lëtzebuerg besonnesch staark ass, dann och, well de System vu Boursen a Préten, wéi mir e mam Gesetz vun 2014 en place gesat hunn, esou performant ass. Dorop kënne mir houerfreg sinn. Gläichzäiteg si mer eis awer och bewosst, dass an eisem Schoulsystem nach eng ganz Rei vu sozioökonomeschen Ongerechtegkeeten existéieren, déi Jonker kënne dervunner ofhalen, fir en Ofloss ze erreechen, deen hinnen den Zougang zu engem Studium erméiglecht. Wa si deen awer bis an der Täsche hunn, dann erlaabt de System vu Boursen a Préten enger ganz grousser Zuel vun hinnen, fir dat ze studéieren, wat si wëllen an och wou si wëllen. An dat ass eng Win-win-Situatioun, fir déi Jonk, déi sech kënne professionell a perséinlech verwickelen, fir eis Gesellschaft, déi doduerch wéi resilient gëtt, a fir eise Staat, dee seng Ënnerstützung, iwwert déi ganz Karriär vun deene Jonke gekuckt, ëm e villfacht erëmbezuelt kritt duerch méi héich Steieren an aner Effekter.

Dëse Gesetzesprojet stellt sécher, dass dëse funktionéierende Mechanismus net duerch Corona beschiedegt gëtt. An dafir kënne mir dësen als Fraktioun mat béiden Hänn ënnerschreiwen.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Här President, ech kann et déi Kéier kuerz maachen. Den Här Bauler huet en exzellente Rapport gemaach, fir dee mir och Merci soen. Vun eiser Säit aus begreisse mer dëst Gesetz. Et ass, mengen ech, ausgibeg beschriwwen ginn, wéi wichteg et fir vill Leit an dëser Situatioun ass. Dofir stëmme mir et och als ADR ganz gär mat.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Mir wäerte selbstverständlech dee Projet de loi och matstëmmen. Natierlech deele mer awer och nach d'Suerg, déi d'Chambre des Salariés am Kontext vun dësem Projet de loi expriméiert huet, dass am Kontext vum Covid vill Studenten och op hire Studentenjob hu musse verzichten an datt een och fir déi nächst Méint muss virausgesinn, dass een d'Bourse sociale entweder erhéicht, also sécherlech erhéicht, an awer och nach de Prêt och erhéicht, deen zurzäit zur Verfügung ass. Ceci étant dit, wäerte mer dat matstëmmen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Wagner. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat der Covid-19-Pandemie a mam Confinement hu vill Leit, inklusiv de Studenten, gelidden. Ob jonk oder al, alleguerware mer dervu betrafft. An alleguerware musse mer elo kucken, fir mat de Konsequenzen dovunner eens ze ginn.

Am Gesetzesprojet vun haut geet et éischer ëm déi Jonk. An och dat ass wichteg, well d'Studentinnen an d'Studenten, dat ass d'Zukunft vun eisem Land. A wa mer eis ëm eis Matière grise als eng vun eise Matière-première Gedanke maachen, dann ass dat zu Recht, dass mer deene Leit hëllef wëllen.

Mir decidéieren also haut eng Ofännerung vun de CEDIES-Konditiounen, fir esou de Studenten

entgéintzekommen, déi, jo, wéi mer allegueren e bësse vun der Covid-19-Kris iwwerrascht goufen an touchéiert goufen.

Mir Piraten begreissen deen heite Projet, an datt d'Initiativ geholl gouf, fir d'Studenten a Studentinnen an hirem Effort, op de villen Universiteiten an Héichschoulen op der ganzer Welt weider ze studéieren, ze ënnerstëtzen. Et ass fir eis méi wéi evident, dass mer der Bildung musse Virrang ginn. Et ass eng Plaz, wou een net därer spueren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Gesetzesprojet geet an déi richteg Richtung. Allerdéngs gëtt et, an de Kolleeg David Wagner huet et elo grad nach eng Kéier gesot, och Bemollen. Esou huet d'Chambre des Salariés an eisen Aen zu Recht kritiséiert, dass eebe grad net genuch gemaach gëtt fir déi Studentinnen a Studenten, déi opgrond vun der Pandemie hire Studentenjob verluer hunn. Grad déi wäerten an deenen nächste Wochen a Méint besonnesch touchéiert ginn. Déi, wou et eeben trotz der dach substanziereller Hëllef vum Staat net ëmmer duergeet.

Et gëtt verschidde Grënn, firwat dat net duergeet. Engersäits well se op Unie sinn, wou d'Liewensënnerhaltungskäschten immens héich sinn, anersäits well se aus engem Stot kommen, wou wierklech all Cent gebraucht gëtt a wou déi puer Euro eeben net méi do sinn, fir d'Studentinnen oder d'Studenten ze ënnerstëtzen. Deementspriedend wäert et fir déi ganz besonnesch haart ginn. Grad déi, an an Däitschland gëtt et deen Term „Arbeiterkinder“, déi, déi an enger éischer Generation op d'Uni ginn, déi, déi dee ganzen Houfert vun hirer Famill sinn, well se et packen, als Éischt aus der Famill op d'Uni ze goen, hunn et meeschtens finanziell méi schwéier. A grad do wär eis Hoffnung gewiescht, dass een nach eng Kéier e Gest méi kéint maachen, dass een deenen nach weider kéint entgéintkommen, well et ass schonn en Effort, als Éischten aus der Famill op d'Uni ze goen.

Et ass en zweeten Effort, wann een dann nieft der Workload, déi mam Bologna-Prozess agefouert gouf, déi iergendwou, jee nodeem wéi e Referenzkader een unhëlt, zwëschen 35 a 45 Schaffstonne fir d'Uni pro Woch läit, dass een dann och nach 10 oder 20 Stonne schaffe geet, fir sech säi Studium ze finanzéieren. Dat ass eng Belaaschtung, déi net nëmmen duebel ass, dass ass eng dräifach Belaaschtung. A genau do sollt mer nach nobesseren.

Dëst ass awer an deem heite Projet just e kleng Bemoll. Et ass awer e Bemoll, deen et derwäert ass, ugeschwat ze ginn. Trotzdem, well de Projet ganz ville Schülerinnen a Schüler, Studentinnen a Studente wäert hëllefen, kann ech den Accord vun de Piraten fir dëse Projet ginn.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Héichschoulminister Claude Meisch.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche***.- Jo, merci, Här President. Och e grouse Merci, fir déi breet Zoustëmmung hei vun der Chamber.

Et war kloer, wéi mer d'Auswierkunge vun der Covidkris gesinn hunn, déi éischt Auswierkungen, dass mer festgestallt hunn, dass ganz vill Studentinnen a Studenten dorënner géife leiden. An déi Grënn, déi sinn hei de Mëtteg opgefouert ginn, ënner anerem och vum Rapport André Bauler, deem ech wëll Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport an déi ganz flott Beispiller, mat deenen en hei probéiert huet, d'Sachlag ze illustréieren.

Duerfir hu mer eis relativ schnell och am Héichschoulministère kuerzgeschloss mat der ACEL, dem Daachverband vun de Lëtzeburger Studenten, an hu gekuckt: Wat si wierklech d'Problemer? Wat fir eng Situatiounen kënne punktuell optauchen? An do waren et natierlech déi zwee Punkten, déi hei och diskutéiert goufen.

Deen een, wou ee mol vläicht säi Studentenjob verluer huet, wou eng aner Recette vläicht ewechgefall ass, wou vläicht eng Depense bäikomm ass, wou mer eis zesummen eens gi sinn, eeben déi Härtefallreegelung elo auszewäiten, ganz speziell elo hei fir dës Covidkris.

An awer och, dass natierlech doduerjer, dass d'Unien deelweis zou waren, ee sech net konnt esou op säin Examen préparéieren, soudatt et kéint sinn, dass een och emol dat Semester als sougenannt Covidsemester dach awer verluer hätt, dass mer also déi Duréeën, wou een eng Bourse zegutt huet, misste cas par cas kënne adaptéieren. Duerfir sinn ech frou, dass mer hei och mat der ACEL op déi dote Léisung komm sinn. An ech soen der Chamber Merci fir déi Zoustëmmung hei.

Datt een natierlech ëmmer nach ka méi maachen - an ech denken, déi eenzel Riedner hu

sech d'Méi gemaach, och op eenzel Punkten hinzeweisen -, dat ass kloer. Am Regierungsprogramm steet och, dass mer am Laf vun dëser Legislaturperiod wäerten eemol e Bilan zéie vun de Studentebourssen a kucken, wou een da punktuell nach eng Kéier kann intervenéieren.

Ech denken awer och, dass an deene leschte Jore kloer ginn ass, dass de System, wéi mer en zanter 2014 hunn, wou mer jo ganz besonnesch eng Sozialstaffelung hunn, dass deen awer assuréiert, dass déi, déi méi brauchen, och däitlech méi kréien. Datt deen, dee virdu vläicht mam ale System 6.500 Euro Bourse kritt huet, dass deen elo déi cumuléiert Bourse bis op 9.400 Euro kann eropsetzen a mam Prêt dann och nach eng Kéier bis op 15.900 Euro Recetté ka kommen, wou en awer, denken ech, an deenen allermeeschten Universitätsstied an Europa misst kënne eens ginn, fir do ze studéieren. Gläichzäiteg hu mer jo och d'lescht Legislaturperiod nach den Effort gemaach, dass mer och déi Bourssen an déi Montanten do indexéieren, fir dass mer och do se de Liewenshaltungskäschten upassen, amplaz dass mer do ëmmer erëm e grësseren Ecart géife kréien.

Zur Fro vun de Studentenjobbe wëll ech awer nach eng Kéier ënnersträichen, dass och grad mäin anere Ministère, den Educatiounsministère, awer hei probéiert huet, virun allem deene Studentinnen a Studenten, déi am Land sinn, eng Alternativ unzibidden, eeben och iwwert déi lescht Wochen a momentan nach an de Grondschoule kënne matzeintervenéieren, an de Betreuungsstrukture kënne matzeintervenéieren.

A mir si jo och amgaangen, wéi ech virun ugekënnegt hunn, e Programm opzeleeë fir d'Summervakanz, wou mer och nach op d'Hëllef vu Studente wäerten zréckgräifen. An ech denken, dass fir déi, déi sech besonnesch ervirgedoen hunn an där Hëllef do an eise Bildungsstrukturen, mer och nach e Besoin hätten an d'nächst Schouljor eran, op jidde Fall am éischen Trimester, fir deene Schülerinnen a Schüler ënnert d'Äerm ze gräifen, déi net esou gutt duerch d'Covidkris komm sinn. Dat ass och eng ganz konkret Hëllef fir ganz vill Studenten, déi vläicht hiren normalen Job verluer hunn, awer hei en Ausgläich konnte kréien an nach eng Kéier sech besonnesch fir eis alleguerten a fir eis Kanner konnten engagéieren.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Héichschoulminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zum Ofstëmmen iwwert de Projet de loi 7599. Den Text steet am Document parlementaire 7599<sup>7</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7599 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

### Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7599 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Paul Galle), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.



## 16. Motion de Mme Martine Hansen au sujet de la mise en place au sein de l'enseignement fondamental de services ou structures d'accompagnement et d'encadrement des élèves à l'instar du SePAS

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 759 de ce compte rendu)

Da kéime mer zur Ofstëmmung vun der Motioun iwwert d'Services ou structures d'accompagnement et d'encadrement, déi virdu vun der Madamm Hansen deposéiert ginn ass. Kënne mer do à main levée ofstëmmen?

Nee, den Här Baum wëllt nach d'Wuert ergräfen.

### Discussion générale

► **M. Gilles Baum (*DP*)**.- Merci fir d'Wuert, Här President. Ech hu mer dat doten ugekuckt. Den Här Minister huet gesot: „Effektiv, mir hunn eng Rei I-EBSen, déi scho mat de Kanner schaffen.“ I-EBS, fir déi, déi net esou doheim sinn an den Ofkierzungen: Instituteur pour enfants à besoins spécifiques. Do dernieft hu mer 15 Direktiounen, bei deene souwuel Léierpersonal ugestallt ass, Pedagogien, Psychologen, Educateuren, déi eraus op den Terrain ginn, fir d'Diagnos ze maache bei de Kanner, déi en difficulté sinn.

D'Madamm Hansen huet d'Beispill zitéiert hei, an effektiv jo, wann een Elteren ass an et huet een e Kand, wat Schwierigkeeten huet, da geet et engem ni schnell genuch. Ech kann dat soen, well ech e relativ gudden Drot an deen do Secteur an an déi Beruffsgrupp do hunn, dass do wierklech ganz, ganz proaktiv geschafft gëtt.

Da gëtt et déi sechs (veuillez lire: aacht) Centres de compétences, déi mer jo an d'Liewe geruff hu virun dräi Joer. An ech wëll awer vläicht hei nach eng Kéier drop hiweisen, wat an de Schoulen, an de Klassen intern geschitt, fir déi Kanner opzefänken, déi Schwierigkeeten hunn. Ech hiewen do den Teamteaching ervir, mat deem mer bei eis an der Gemeng zu Jonglënster ganz gutt Erfarunge gemaach hunn. Mir hunn eng ganz Rei Léierpersounen, déi ganz gutt kënne differenzéieren, déi den differenzierten Unterrecht féerden. Da gëtt et Accueilsklassen, et gëtt och Appui gehalen an der Schoul, fir d'Kanner ze ënnerstëtzen. A wann ech richtig informéiert sinn, muss och all Léierpersoun am Fondamental all Joer eng ganz Rei Stonnen Appui selwer halen.

Den Här Minister huet effektiv gesot, dass een de Fonctionnement vun der CNI misst analyséieren. Ech géif der Chamber proposéieren an de Kolleegen heibanne proposéieren, mir sollten d'Evaluatioun ofwaarden, déi mer versprach kritt hunn, wéi mer 2017 d'Gesetz gestëmmt hunn. Mir sollten elo an de Gemengen net Waasserkäpp opbauen. An duerfir géif ech proposéieren, dës Motioun hei net ze stëmmen.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Sinn nach weider Wuertmeldungen do?

### (Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da kënne mer iwwert déi Motioun ofstëmmen.

### Vote sur la motion

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

### Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 27 Jo-Stëmme bei 32 Nee-Stëmme an 2 Abstentiounen ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 27 voix pour, 31 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Paul Galle), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;